LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Christine Wirtgen , 14:41, 22/09/2020

Luxembourg, le 22 septembre 2020

**Réf. :** 831x15537

**Concerne**: Question parlementaire n° 2678 du 18 août 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen et de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 2678 du 18 août 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen et de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant la "Communication avec le "Robert Koch Institut"".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Pour la Ministre de la Santé,**

**Anne CALTEUX**
**Premier Conseiller de Gouvernement**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 2678 du 18 août 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen et de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant la "Communication avec le "Robert Koch Institut"".**

Den Robert Koch Institut (RKI) beréit déi däitsch Regierung am Beräich vun den Infektiounskrankheeten. An deem Kader berechent den RKI och beim COVID-19 d'Incidenzfallzuelen pro 100'000 Awunner iwwer 7 Deeg. Dësen Parameter gëtt dono vun dem Auswärtigen Amt an dem Bundesministerium des Innern benotzt fir zesummen eventuell Restriktiounen am Reesverkéier auszeschwätzen.

Et ass dobäi wichteg ze verstoen, dass den RKI selwer keng Décisiounen hellt, an just d' Viraarbecht mécht an d' Zuelen opbereet en vue vun politeschen Décisiounen. Dobäi muss een ënnersträichen, dass d' Regelen, wéi dës Zuelen gerechent ginn, an d' Däitschland kloer definéiert sinn an den RKI keng Flexibilitéit huet selwer dës Regelen z'adaptéieren. D' Regelen sinn iwweregens déi selwecht fir déi divers Bundeslänner an hier Landeskreesser.

Bäi aneren EU-Länner baséiert den RKI sech do op d' Meldung vun neien Fäll beim ECDC (European Centre for Disease Control and Prevention). Et ass dofir mam ECDC, wou Lëtzebuerg säit dem Ufank vun der Epidemie, an enkem Kontakt steet. Eist Land huet regelméisseg seng Teststrategie, déi jo iwwert déi lescht Méint adaptéiert gouf en Fonctioun vun der Progressioun vun der Epidemie, kommunizéiert an erkläert fir eis Fallzuelen an den lëtzebuerger Kontext ze setzen. Dëst betrëfft och den Large scale testing, deen zu engem héigen Testratio féiert, mais och de Fait, dass Lëtzebuerg vill Frontalieren huet déi hei gestest ginn an soumat an eisen Zuelen mat abegraff woren. Lëtzebuerg erkläert seng Strategie och konstant am Health Security Committee, wou och Däitschland vertrueden ass.

En parallel huet d'Gesondheetsministesch an den Minister vun den Affaires Etrangères och op EU Niveau zu Bréissel eis speziell Situatioun erkläert an diversen Aarbechtsgruppen oder bäi Ministertreffen. Och gouf et direkt Kontakter iwwert den diplomateschen Wee zwëschen Lëtzebuerg an Däitschland.